


# A propos 7- Gewerkschaft

## Entrevue’en vum 24. Juni a vum 16. November mat der CGFP

Opgrond vum Resultat vum Sondage, dee mir am Virfeld vun der leschter Generalversammlung gemaach haten, si Vertrieder vum Comité am Laf vum Joer 2 Mol mat Vertrieder vun der CGFP zesummekomm.

Mir hunn der CGFP eis Associatioun virgestallt a sinn och op de Sujet FGFC agaangen an hunn en Historique virgedroen an der CGFP erläutert wisou d'FGFC eis net opgeholl huet.

Mir sinn un d’CGFP erugetrueden, wëll d’CGFP déi gréisste Gewerkschaft aus der Fonction publique ass, a wëll d’Statute vun der CGFP et erlaben, och Leit aus dem Gemengesecteur opzehuelen! Dëst ass am Géigesaz zur FGFC doriwwer eraus net un d’Bedingung gebonnen, datt ee muss Member an enger Ennerassociatioun vun der CGFP ginn.

D’CGFP huet eis de 24. Juni proposéiert fir ze probéieren, eng Entrevue mat der FGFC ze organiséieren, wou och Vertrieder vun der CGFP mat derbäi wieren a wou een nach eng Kéier iwwer den Dossier kéint schwätzen. Mir hunn eis dëser Propose net verschloss an der CGFP gesot, si kéinten dës Entrevue kuerzfristeg an d’Wee leeden.
Et huet dunn bis de 16. November gedauert, bis et zu enger zweeter Entrevue mat der CGFP komm ass, wou mir matgedeelt kruten, datt et bis dato net derzou komm wär, eng Réunion mat CGFP / FGFC / ALBSC ze organiséieren. Mir krute keng Äntwert op d’Fro wourun dat bis elo gescheitert ass.
D’CGFP huet eis awer versprach dësen Dossier nach eng Kéier ze lancéieren a mir hunn kloer gemaach, datt mir den 23. Mäerz eis Generalversammlung wäerten ofhalen, wou mir eise Membere musse Rechenschaft ofleeën.

Aus dem Sondage, bei deem ëmmerhi ronn 50% vun eise Membere matgemaach haten, war ënner Anerem ervirgaangenen, datt ganz ville Leit dëse Sujet um Häerz läit an datt der och sinn, wou onzefridde sinn a wëlle wiesselen.

Wëll mir doriwwer eraus wëssen, datt de Moment eng ganz Rei Leit sech an engem Vide befannen, an net méi Member an enger Gewerkschaft sinn, hu mir d’CGFP gefrot, fir datt des Leit an der Tëschenzäit kënne bei hinnen als Membre individuel opgeholl ginn. Dëst gouf eis mëttlerweil accordéiert an et goufen och schonn ALBSC Memberen an d’CGFP opgeholl! De Comité huet et domat elo emol erreecht, iech am Virfeld vun der Generalversammlung kënnen eng valabel Alternativ unzebidden a mir hunn iech eng Demande type ausgeschafft, déi mer iech an enger separater Mail wäerten als Word Datei zouschécken.

ALBSC a.s.b.l. 2, rue Kiem L-5410 Beyren http://www.albsc.lu Have a look @
Tel : 691420283 Fax : 760031-326 Mail : president@albsc.lu
R.C.S. Luxembourg F9878 CCPLLULL IBAN LU31 1111 7027 3870 0000